G20 – 15.11.2018

G20 steet fir de Grupp vun den 20. Dat sinn 20 Staaten, déi informell zesummekommen, fir iwwer international Finanz- a Wirtschaftsfroen ze diskutéieren. De Forum ass informell, well d'Ëmsetzung awer ëmmer bei de jeeweilege Staaten läit, et gëtt keng juristesch Konsequenz, wann Decisiounen net ëmgesat ginn. D'Staaten treffen sech all Kéier op enger anerer Plaz. Dëst informellt Treffen huet déi éischte Kéier 1999 stattfonnt.

D'Zil ass, Léisungen ze fannen fir grouss international Erausfuerderungen an der Wirtschaft. Et notzt een dëst Treffe gären, fir iwwer den Zoustand vun der Weltpolitik ze diskutéieren, wéi z.B. Migratioun, Klimawandel oder Sécherheetspolitik.

Bei de G20-Treffe komme Staats- a Regierungscheffe (resp. och Finanzminister) vun 19 Staaten an d'EU zesummen. Si gëllen als Vertrieder vun de wichtegsten Industrie- a Schwellelänner opder Welt. Member vu G20 sinn: China, Indien, d'Europäesch Unioun, USA, Indonesien, Brasilien, Russland, Japan, Mexiko, Tierkei, Däitschland, d'Vereenegt Kinnekräich, Frankräich, Italien, d'Republik Korea, Südafrika, Argentinien, Kanada, Saudi-Arabien an Australien. Och aner international Organisatiounen, wéi z.B. de Wärungsfong oder d'Weltbank, huelen un dësem Treffen Deel.

An de G20-Staaten liewen ongeféier zwee Drëttel vun der Weltbevëlkerung an si erwirtschafte ronn 80% vum globale Bruttoinlandprodukt.

Et gëtt awer och vill Kritik um G20-Format. 2017 gouf d'G20 Treffen zu Hamburg organiséiert. Kritiker a Kritikerinnen hunn am Virfeld zu groussen Demonstratiounen opgeruff, fir sech géint d'Politik an déi ontransparent an ondemokratesch Struktur vum G20 auszeschwätzen. Si soten, dass dës Staate staark vun oppene Grenze beim Handel profitéiere,, awer gläichzäiteg Grenzen zoumaachen an net hëllefen, wann et ëm Mënsche geet, déi viru Krich an Terror flüchten.